PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Am Règlement grand-ducal du 17 août 2018 gëtt festgehalen, wéi d'Uniform vun der Police auszegesinn huet.

Normalerweis däerfen der Policeuniform keng individuell Accessoiren dobäigefüügt gi vum Porteur. An der Vergaangenheet gouf et am Ausland a rezent och hei zu Lëtzebuerg awer ëmmer nees Fäll, an deene Polizisten opgefall sinn, well se un hirer Uniform Symboler befestegt haten, déi näischt mam Policedéngscht, mee mat privaten Iwwerzeegungen a Verbindungen zur rietsextremer Zeen ze dinn haten.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll sinn der Regierung bekannt, an deene Polizisten un hirer Uniform Zeechen, Symboler oder aner Objete befestegt haten, déi net zu der Uniform gehéiert hunn?

2. Wéi vill Fäll sinn der Regierung bekannt, an deene Polizisten un hirer Uniform Zeechen, Symboler oder aner Objete befestegt hunn, déi net zu der Uniform gehéiert hunn an eng Verbindung zur rietsextremer Zeen haten?

3. Wéi vill Fäll sinn der Regierung bekannt, an deene Polizisten un hirer Uniform Zeechen, Symboler oder aner Objete befestegt haten, déi net zu der Uniform gehéiert hunn, an eng Verbindung zu aneren extremistesche Gruppen haten?
   Em wéi eng Gruppen handelt et sech?

4. Wéi ass d'Prozedur, wann ee Mataarbechter oder e Superieur feststellt, dass ee Polizist aus senger Entitéit Symboler dréit, déi net zur Uniform gehéieren?

5. Gi Fäll, an deene Poliziste Symboler un hirer Uniform droen, déi eng Verbindung zu rietsextremen oder anere gewaltbereete Gruppen hunn, anescht behandelt ewéi Fäll, an deenen d'Uniform duerch aner ästhetesch Veränneerungen oder Accessoiren net konform ass?

6. Wat mëscht d'Regierung fir gewaltbereete Persounen a Mënschen, déi mat rietsextremen oder aneren extremistesche Gruppen sympathiséieren, aus dem Policedéngscht eraus ze halen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député